


LES

SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force



Marmoredenkplatte auf dem Peter und Paul-Friedhof
in Tambow

Télégramme

Grand-Duché de Luxembourg
Administration des Postes
et Télécommunications

Service de la Cour
Grand-Ducal

40256 N°..... mots, déposé le/..... àh.....m

Etat


Monsieur Jos Weirich
Président de la Fédération des victimes du nazisme,
enrôlées de force asbl
B. P. 2415
L-1024 Luxembourg

Ār lëif Wënsch, déi Dir der Grande-Duchesse a mir bei Geleënheet vu mengem Avènement zoukomme gelooss
hut, hunn eis déif beréiert. D'Grande-Duchesse schéisst sech mir un, fir lech villmoos Merci ze soen.

Henri

Centre du Rham

"Porte ouverte" vum 29. Juni 2000 an de komplett renovéierten a modernisierte Gebaier um Centre du Rham. Hei sollt dat éischt Gebai fir Oktober 2000 ganz fäerdeg sinn, ass et awer leider bis haut nach net. Bei eisem Staat geet bekanntlich alles äusserst lues!!



Intresséiert Zwangsrekrutéiert lauschteren dem Här Serge Eberhard, Président vum „Etablissement public, Centres, Foyers et Services pour personnes âgées“, no

La Fédération des enrôlés de force, Victimes du nazisme

a l'honneur d'inviter aux cérémonies en souvenir du massacre,
exécuté par un commando SS
aux 91 jeunes victimes luxembourgeoises enrôlées de force,
dans la nuit du 30 au 31 janvier 1945 à Sonnenburg (act. Slonsk en Pologne).

PROGRAMME DES CÉRÉMONIES

MARDI, LE 30 JANVIER 2001

Première partie de la veillée traditionnelle

18.00 heures au «Kanounenhiwel»

Les porte-drapeaux s'installeront derrière la Flamme

Dépot de fleurs

Sonnerie aux morts

Hymne national

Deuxième partie:

18.15 heures dans la crypte de la Cathédrale:

1. les porte-drapeaux s'installeront dans le choeur,
2. allumage de 91 cierges symbolisant les 91 victimes,

3. le secrétaire général Jim Bolmer prononcera la bienvenue,
 4. chanson «Eise gefaalenen a vermësse Jongen zum Gedenken»,
 5. présentation du vidéo sur «Le massacre de Slonsk», avec les photos des victimes luxembourgeoises
 6. minute de silence,
 7. prières religieuses prononcées par le chanoine André Heiderscheid,
 8. chanson «Un ons Jongen»,
 9. hymne national (deux strophes)
- N. B.: Les chansons sub 4 et 8 seront exécutées par les membres de notre chorale et des associés.

Les membres de la chorale sont priés
de se réunir à 17.30 heures dans la crypte de la cathédrale
pour une dernière épreuve.
Nous remercions votre bienveillance.

Zwangsaarbechter

An de Froen iwwer d'Zwangsaarbechter erënnere mir drun, dass:

1. all Meedercher vun 1920 bis 1927 gebuer, déi am RAD oder KHD waren, müssen um Telephon 46 74 80 uruffen (oder perséinlech virspriechen um Büro OIM, 43, bd Roosevelt, Lëtzebuerg) an do hiren Numm an déi aktuell Adress uginn. Natierlech nëmmen déi, déi dat bis elo nach net gemaach hunn. Si kréien dann vum OIM-Büro hir Umeldung schrifftlech konfirméiert a kréien duerno eng offiziell Demande (Questionnaire) geschéckt.

(D'Froebéi vun der Fédération zielen net als Umeldung).

2. All Jongen vun 1920 bis 1927 gebuer, déi am RAD waren, müssen oder sollen de Froebou am „Les Sacrifiés“ Nr. 5/2000 ausfüllen an un d'Fédération zréckschécken. Si kréien dann och vum OIM-Büro hir Umeldung konfirméiert an duerno déi offiziell Demande zougestallt.

Wie bis den 11. August 2001 keng offiziell Demande ausgeföllt zréckgeschéckt huet, kann duerno keng Uspréch méi stellen.

Well nach eng Rei juristeschi Froe gekläert musse ginn, rode mir, dës offiziell Demande net virzäitig auszefällen, mee ons Informationen an den nächsten „Les Sacrifiés“ ofzewearden.

N. B.: Meedercher a Jongen, déi am RAD oder KHD an Éisträch (Österreich) an engem Lager ware, ginn net vun der Stëftung „Erinnerung, Verantwortung und Zukunft“ entschiedegt, mee musse sech adresséieren un:

Osterreichische Versöhnungsfonds
Ballhausplatz 1
A-1014 Wien, Österreich

Tambower Dag 2000



Fir den Tambower Dag 2000, de 55. Joresdag vum Heemkommen, huet de Comité vun der Amicale eng kleng Ännierung an hire Programm erabreucht an deem Senn, datt d'Feierlechkeet um Kanounenhiwwel op 10 Auer virverluegt gouf. Doduerch kann dat fir vill Komeroden ze beschwéiert Zesummegoen an engem Cortège ewechfalen.

A Präsenz vun den Häre Luc Friesen, Justizminister, Paul Helmlinger, Stadter Buergermeeschter, Théo Stendebach an Alain de Muyser, Gemen-debach an Jos. Weirich, Präsident vun den Enrôleés de force, der Mme Josée Reeff, Präsidentin vun de Survivants, den Häre Johny Schmidt, Präsident vun der Croix de guerre et de la valeur militaire a Guy de Muyser, Präsident

vun der Fondation du Mémorial de la Déportation, a ville Komerode mat hire Bekannten, hunn de Präsident Gast. Junck, de Sekretär Jules Steffen an de Vizepräsident Erny Schauss am Numm vun der Amicale Blummen néiergeluegt. Och d'franséisch Komeroden aus der Tambow-Section de la Vallée de l'Orne hunn eng Gerbe déposéiert. Duerno hunn d'Militärmusikante Guy Kraus a Marc Desorbay d'Sonnerie aux Morts gespillet. Mam Sange vun den zwou Strophe vun der Heemecht ass dës feierlech Erënnerung un all déi, déi fir d'Heemecht gestuerwe sinn, ofgeschloss ginn. – Am Monument luch d'Gëlle Buch parat, wou ee sech konnt androen énner däer fir den Dag wuirdeger Zeechnung vum Komerod Josy Zei-

metz, dee wéi all Joer oneegennëtzeg heifir seng Konscht zur Verfügung stellt.

D'feierlech Gedenkmass um 10.30 Auer an der Härz-Jesu-Kierch gëtt gehale vum Aumônier, dem Här Chanoine André Heiderscheid. Fir de Gesank suergt den Tambower Chouer énnert der Leedung vum Erny Schëmel, begleet op der Uergel vum Här Paul Kayser, a musikalesch émrummt vun engem Quartett vun der Militärmusek.

Den Här Heiderscheid begréisst a seet merci allen Éiregäsch, Komerode mat hire Familljen, Frénn a Bekanneten, déi a sou grousser Zuel um Gottesdéngsch deelhuelen an senger Priedegt:

Op Ärem Invitatiounsziel fir dësen Dag steet en Titel, dee vill bedeut:

„1945-2000 / 55 Joer erém doheem“

55 Joer: – dat ass méi wéi en halfecht Joerhonnert;

– dat ass wéinestens zweemol méi, wéi eis, wéi Äer, onglécklech Kameroden, déi hu missen an der Friemd bleiwen, al goufen;

55 Joer: – dat ass scho bal e Mënscheliewen... Esou laang ass et hir, datt fir lech d'Paarte vun Tambow, datt fir äis d'Paarte vun anere Gefaangenelager, sech endlech opgemaach an äis an d'Fräiheit entlooss hunn.

Fir vill ze vill aus eise Reie war et ze spéit. Si leien Honnerten an Dausende vu Kilometer vun äis eweg a friemem Buedem.

Mir awer koumen heem. Mir haten déi Chance, déi mat Wiederer net ze beschreiwen ass, déi een némmen erliewe konnt a fir déi mer bis un d'Enn vun eisem Liewen ni genuch merci soe können.

Mir koumen heem, zréck an eis Familljen, mir koumen heem, zréck an eist richteg Liewen – als Létzebuerger Jongen.

„Heem, heem, heem“ séngt de Méchel Lentz, „heem a mäi Land, mäin Dram a mäin Himmel, an d'Létzebuerger Land – ... d'Land vun der Fräiheit, an d'Létzebuerger Land!“

A grad esou séngt en: „Wat d'Heemecht ass, dat froen s'oft“, an e gëtt d'Äntwert a Wiederer, wéi némmen hien et fäerde bruecht huet.

Doheem, erém doheem sinn ... ech hunn et erlieft de 25. September 1945, Dir den 8. Oktober oder de 5. November, jee nodeem op watfir engem Transport Dir wart.

Vum August 1943, wéi déi éischt vun lech op Tambow koumen, bis de September 1945, waart Der zu net manner wéi 991 do ageschriwwen.

Den 3. August 1945 ass en éischt Transport mat 200 kranke Létzebuerger Jonge Richtung Heemecht fortgefueert.

De Gros vun lech ass duerno eréischt den 29. September 1945 entlooss gin!

Genee 167 Létzebuerger awer sinn zu Tambow a Kirsanow gestuerwen.

A ronn 50 vun Äre Kameroden, déi mat lech an den Zich fir heem soutzen oder louchen, hun déi wäit Rees net méi gepackt.

Si sinn nach énnertwee gestuerwen, a Russland, a Rumänien, a Polen, oder gläich duerno. Dee Wee heem an d'Land vun der Fräiheit ass markéiert, ass wéi geseemt vun de Griewer vu vill zevill Létzebuerger Jongen, déi net némme kierperlech um Enn waren no allem, wat se matgemaach haten, mee déi sech och doud verlaangert hunn.

A leider ass Tambow keen Eenzelfall, Tambow stéet villmái fir d'Létzebuerger Zwangsrekrutéiert a russescher Gefaangeschaft alleguer.

Tambow stéet fir all russesch Lageren, an deene jonk Létzebuerger gebaangt a gelidden hunn, an némmen ze dacks, vill ze dacks, wäit ewech vun doheem, mudderséilen eleng gestuerwe sinn.

Et gouf vill, vill ze vill, däer Lageren, wou Létzebuerger Jongen als preisesch Zwangsrekrutéiert internéiert waren a kierperlech a séilesch ze erdroen haten, wat Gefaangener deemoools, viru 55 Joer, gelidden hunn. Hiren Numm ass Legioun.

Mir koumen heem.

Eis onglécklech Kameroden awer si gestuerwen – fir hir Familljen, fir eis Iwwerzeegungen, fir d'Heemecht, fir Létzeburg, fir eis Dynastie, fir eis Fräiheit an Onofhängegeket, fir eis Identitéit a schlisslech grad och fir äis, hir Kollegen.

Wa mir haut bedenken, datt mer all scho 55 Joer nees heiheem sinn, dann däerfen a wëlle mer, grad an dësem Joer an op dësem Dag, eis Doudeg net vergiessen, déi jo och esou gär gelieft hätten an esou gär heemkomm wieren wéi mir.

Et gëtt Froen a Rätselen am Liewen, op déi kee vun äis eng fäerde Äntwert huet...
Et sinn elo 55 Joer hir...

1945 ass de bluddege Krich, endlech, op en Enn gaangen.

An ier et nach esou wäit war, dräi Woche virdrun, koum äis veréiert Grande-Duchesse Charlotte, d'Symbol vum fräie Létzeburg, heem: de 14. Abrëll 1945.

A wéi d'ganzt Land an deenen onbeschreifleche Stonnen souzesoen um Kapp stong, fir déi nobel Dame u senger Spëtz wëllkomm ze heeschen, du war am „Létzebuerger Wort“ dat hei ze liesen, an zwar un d'Adress vun der Grande-Duchesse Charlotte:

„Wëllkomm doheem!

Déi fir lech gelidden,
réchen haut lech d'Hand.

Héier, déi fir Dech gestritten,
stin nés op aus hirem Graf.“

A weider heescht et an der Zeidong vum Samschdeg, 14. Abrëll 1945:

Si stinn neess op – „Aus hirem Grâf! A Rußland, om Balkan, an Afrika! D'Létzebuerger Jongen stin virun eisem Géscht, voller Liewen, mat de Létzebuerger Farwen om Härz, mat der Médaille vun der Létzebuerger Tre'schterin ém den Hals. Si stin do, eng Aussôt om weide Létzebuerger Akerland, e Jonktem mat engem feierege Bludd, an hir Stëmmen schâlen eriwer bis op Létzeburg: , Welcom, Grande-Duchesse Charlotte! Welcom zo' Létzeburg! Mir sin gestuerwen, mé Létzeburg liéwt. Eisen Do'd ass nütz émsoß! Du bass erem Dohém, dohém am freie Létzeburg! Hei ass onst Liéwen, mir léen nach eng Ke'er Dir et zo' Fe'! Fir Létzeburg!“

A grad Dir, Tambower, wësst, wéi d'Grande-Duchesse Charlotte sech wéi eng Mamm ém lech gesuergt huet, wéi se vun lech an Ärem Verlaangeren am färe Russland héieren huet.

Dir wësst all, wat Der Hir verdankt.

Ären heitege Präsident, de Juncke Gast, an och anerer vun lech, hunn et honnert Mol gesot a geschriwwen, wéi d'Zäit lech esou batter laang gin ass, wéi Der lech vu Gott an der Welt, och vun der Heemecht an hirer Regirung, verlooss gespiert hutt a wéi an all däer verbëtzter Zäit émmer méi vun Äre Kamerode gestuerwe sinn...

An en erzielt och, wéi si, als 5 Messagers vun Tambow, déi den 12. Juni heiheem ukoumen, vun der Grande-Duchesse empfaange goufen an Hir hiirt an Äert Leed kloe konnten.

An en erzielt, wéi dunn d'Grande-Duchesse agegraff huet an duerno endlech Bewegung an de Rapatriement koum ass, sou zwar, dass Si et gewessermosse war, déi lech heem bruecht huet.

Jiddefalls muss een unhuelen, dass ouni Si, ouni Hir Interventioun, Dir nach méi laang dohannen hätt misse sétzen an dass der nach méi vun lech d'Heemecht ni erém gesinn hätten.

Hir Verdéngschter ém lech sinn net kleng.

't ass sécher derwáert, haut och dorunner ze denken an der grousser Fra en extraë Merci an d'Éiwegkeet ze schécken, dat och, wou elo grad de Prénz Henri an der Linn vu senger Groussmamm d'Kroun vum Land aus der Hand vum Grand-Duc Jean iwverholl huet. – Vergiesst och net, dass de Prénz Jean viru 55 Joer extra op d'Gare komm war, fir lech um Heemechtsbuuedem ze begréissen.

En net manner häerzleche Merci solle mer, sollt Dir haut an d'Éiwegkeet eran der Madame Marguerite Meyer-Wilwers schécken. Wat si fir vill vun lech gemaach huet, wéi se de Russen den Aarm forcéiert huet, fir lech heem ze bréngen kléngt esou daper an herresch, dass et bal net ze gleewen ass. An dach stémmt et: ouni si hätt wuel méi wéi ee vun lech d'Heemecht ni méi erém gesinn; si huet sech zu Recht, als Äer Mamm betruucht, an lech als hir Jongen!

An elo freeë mer äis all mat lech, datt Der viru 55 Joer heemkommt an haut zu esou vill nach do sidd. Mat lech soe mir dem Éiwege Gott an eiser Consolatrix Merci fir déi eenzegaarteg Chance.

Si awer biede mer och mat lech fir all Är, fir all eis, Doudeg, datt si do uewen Är Freed haut deelen an émmer op eiser Säit stinn, wa mir et brauchen.

All zesummen awer wélle mer, bis dee Leschte vun äis d'Aen zou mécht, Wuecht halen um hellege Feier vun eisen Idealer a Wärter, fir datt ni méi iwver d'Land ka kommen, wat mir erliewt hun – a fir datt nimoools méi u Létzebuerg a sengem Jonktem déi Verbrieche kenne geschéien, énnner deene mir gelidden hun.

Duerzou géif den éiwege Gott sái Segen!

Amen!

Während der Mass gëtt da besonnesch un déi geduecht, déi zénter dem vergaangene Joer gestuerwe sinn. Et waren dat d'Komeroden Kohn Joseph, Colmar-Berg, 10.12.99; Majerus Aloyse, Stengefort, 29.12.99; Philippi Julien, Uespelt, 7.1.00; Koppes Théo, Uespelt, 13.1.00; Schneider Charles, Woltz, 17.1.00; Steichen Victor, Rued, 23.1.00; Gaspar Julien, Rodange, 2.2.00; Heyart Georges, Létzebuerg, 24.2.00; Klein Jean, Bierchem, 16.3.00; Roeser Pierre, Briddel, 5.4.00; Moris Albert, Létzebuerg, 5.4.00; Fassbinder Edouard, Schéffleng, 24.7.00; Lorang Jos, Rouspert, 15.8.00; Mergen Robert, Lamadelaine, 18.8.00; Dohm Roger, Gréiwemaacher, 31.8.00.

Mam Lidd „Un eis Jongen“ vum René Schmit a mat der zweeter Strooph vun der Heemecht gëtt de Gottesdéngscht ofgeschloss.

Wéi virgesinn, féiert e Bus en Deel vun de Komeroden op de Kierchbierg, wou am Hôtel Novotel d'Mettiegiesen zervéiert gëtt.

Géint dräi Auer, no engem klenge gesangleche Virtrag vum Lidd „Tambower Gefaangener“ vum André Kettenhofen (Musek Julien Hoffmann) duerch d'Komeroden Thinnnes Jos., Thommes Raym. a Steichen Jos., fänkt de Präsident déi 49. Generalversammlung un. Hie begréisst

d'Gäsch an d'Komeroden, a seet all deene Merci, déi derzou baijgedroen hunn, fir datt dës Journée commémorative zu engem wierkleche Feierdag énnner dem Zeeche vu „55 Joer doheem“ soll geléng. Ee besonnesche Merci geet un den Här Chanoine André Heiderscheid, deen, eemol méi, déi richteg Wieder fonnt huet, fir de Charakter vum Tambower Dag z'énnesträichen.

An engem kuerzen historeschen Iwwerbléck erénnert de Präsident un déi schwéier Zäiten, déi mer alleguer énnner de Preisen hu misse matmaachen, Strapaatzen, déi nimols darfæ vergiess ginn. An duerfir ass et luewenswäert, wann och eis Kanner d'Erennerung un d'Erliewnessser an de Misär vun hiren Elteren a Grousseltern wëllen an der Riicht halen, en Zill,

dat z. B. de „Club des Jeunes“ vun Ell sech gesat huet. De Präsident begréiss ganz fréndlech e puer Vertrieder vun deem Veräin, déi un eiser Generalversammlung deelhuelen. Si solle selwer herno zu Wurt kommen.

Aus dem Keesserapport vum Jos. Schiltz geet ervir, datt d'Amicale finanziell nach net brauch ze kloen an et nach net néideg ass, d'Cotisation ze erhéigen. De Keessier ass och frou driwwer, datt den Extrakont fir d'Helfsaktiou, deen zénter e puer Joer wéinst de bekannten Zoustänn a Russland an eise Bicher matgeschleeft gouf, endlech eng glécklech Léisung font huet, wouriwwer de Präsident nach méi Geneeës wéllt soen.

De Keesekontroller Julien Coner ass mat der Kontabilitéit ganz zefriden a biet d'Versammlung, dem Kessier Décharge ze ginn. D'Kontrollere sinn d'accord, hiert Amt nach weider ze versinn.

A kuerze Wieder erzielt de Präsident vun der Rees, déi nach eng Kéier énnerrholle gouf, fir de Kannerspideeler virbereed an d'Deelhuelen un de ver-

vun Tambow a Kirsanow eng weider Hélfel zoukommen ze loessen. Zesumme mat engem Subsid vun der Regirung an dem Hélfelkont vun der Amicale konnten esou 920 000 Frang, dovun 2/3 un d'Kannerklinik vun Tambow an 1/3 u Kirsanow a Rubel ausgedeelt ginn, well d'Mathuele vu Medikamenter bei de jetzegen Zoustänn dohanne quasi onméiglech ass. D'Autoritéite vun deenen zwou Stied wore begeeschert iwwer d'Hélfel vun de Létzebuerg an de Gouverneur vum Tambow-Gebitt huet an engem sou genannten „Diplom“ un d'Madame Minister des Affaires étrangères sái Merci a seng Unerkennung zum Ausdruck bruecht.

Dorophi krut de Präsident vun den Enrôle d'Wuert, fir iwwer d'Entschiedegong fir d'Zwangsaarbecht an Däitschland am leschte Krich ze schwätzen. Fir datt jidderee sech an d'Bild ka setzen, gi genee Explikatiounen am „Sacrifiés“ publiziert, och fir seng Demande un den OIM kennen ze maachen, wouvun e Büro fir Létzebuerg an der Stad fonctionnéiert.



Zum Schluss schwätzen d'Jonge vun Ell aus dem Club des Jeunes an doen auserneen, wouren hir Missioun besteet. Schons 1997 hu si e Buch erausgin iwwer „D'Krichsjoeren 1940-1945 zu Létzebuerg“. Deemnächst kënnt dann en zweet Buch eraus, „D'Létzebuerg am Krich 1940-1945 – Eng kleng Natioun erzielt“ mat authentesche Beiträig iwwer Tambow, KZ Auschwitz, Slonsk asw. Vum 6. bis den 10. Dezember ass dann zu

Ell am Sall Camille Ney eng „Semaine du souvenir“, wou z. B. e Mëttwoch, de 6. Dezember, iwwer d'Lager Tambow geschwat gëtt.

No engem häerzleche Merci a Bäifall un d'Jonge vun Ell gouf d'Generalversammlung 2000 opgehuewen mam Wunsch vum Präsident, datt mer äis d'nächst Joer all rémgessinn.

Erny Schauss

Die „Amicale des Anciens de Tambow“ organisierte zum so vielen Male eine Hilfsaktion für die Kinderhospitäler der Städte Tambow und Kirsanow

Mit einer kleinen Gruppe von 5 Personen fand die Reise vom 16. bis 21. September 2000 statt.

Abflug per Luxair am Samstag, den 16. September nach Moskau via Frankfurt. Ankunft 13.35 Uhr Moskauer Zeit. Von einer französisch sprechenden Dolmetscherin wurden wir am Flughafen in Empfang genommen. Nach einer kurzen Stadtbesichtigung nahmen wir das Abendessen im Hotel Intourist zu uns und fuhren anschließend zum Bahnhof um gegen 10 Uhr den Nachtzug nach Tambow zu besteigen. Schlafabteile für je zwei Personen hatten wir zur Verfügung.

Ankunft in Tambow 7.30 Uhr. Hier wurden wir von unserer bestbekannten Dolmetscherin, Natascha Wiasowowa, Professorin in Germanistik an der Universität von Tambow, sowie dem ebenfalls gut bekannten Vladimir Penkow, beigeordneter Vorsit-

zender einer Filiale der Moskauer Bank in Empfang genommen.

Unterkunft hatten wir in der bedeutenden Augenklinik, Eigentum eines über die Grenzen Russlands bekannten Professors der Augenchirurgie.

Es war dies Sonntag, den 17. September. Wir benutzten diesen Tag um den Ablauf unseres Aufenthaltes mit unseren Bekannten zu besprechen.

Am Nachmittag besuchten wir den unter Naturschutz stehenden Pe-



Die luxemburgische Gruppe mit der Dolmetscherin Natascha bei der Gedenkplatte auf dem Peter und Paul-Friedhof in Tambow



Empfang bei der Stadtverwaltung in Kirsanow

ter- und Paul-Friedhof. Hier konnten wir die neue Gedenktafel mit Sockel bewundern, welche in Marmor angefertigt war. Die erste Tafel aus Bronze gefertigt, war entwendet worden und so hatte Natascha dafür gesorgt, dass diese Erinnerungsart im selben Sinne angefertigt wurde. Wir legten Blumen nieder und gedachten unserer in russischer Erde verbliebenen Kameraden.

Montag, den 18. September. Den Morgen verwendeten wir dazu auf der Bank die mitgebrachten Spendendevisen in Rubel umzutauschen und zu je zwei Schecks zu verbuchen. Wir hatten beschlossen, die Summe zu 2/3 für das Kinderkrankenhaus in Tambow und zu 1/3 für das Kinderkrankenhaus in Kirsanow zu verwenden.

Am Nachmittag wurden wir vom Gouverneur der Region empfangen im Beisein der verantwortlichen Ärzte und der Presse. Der Gouverneur Herr Oleg Betin bedankte sich recht herzlich für die Spenden und überreichte uns ein Dankeschreiben an das Außenministerium des Großherzogtums Luxemburg sowie an die „Amicale des Anciens de Tambow“. So schlossen wir den offiziellen Teil des Tages ab.

Dienstag, den 19. September. Morgens besichtigten wir das Denkmal der im Lager Tambow verstorbenen Gefangenen der anderen Nationen im Walde bei Rada etwa 15 Kilometer von Tambow.

Sodann führte uns der Weg nach Kirsanow etwa 80 Kilometer von Tambow entfernt. Die russische Vereini-

Gebetes Alexander Lutzen empfangen. Herr Petrow teilte uns mit, dass sie für den erhaltenen Scheck drei Kindertransporter bestellt haben, mit der folgenden Aufschrift in russischer Sprache „Dem Tambower Gebietskrankenhaus von der Regierung des Großherzogtums Luxemburg und der Vereinigung „Amicale des Anciens de Tambow“.“

Nach der Besichtigung des Krankenhauses, welche sehr zufriedenstellend ausfiel wurden wir von Doktor Petrow reichlich bewirtet, erhielten Dankesschreiben und für jeden von uns ein wunderschönes Buch einer Neuauflage über das Tambower Gebiet.

An diesem unserem letzten Tag besichtigten wir den Tambower Großmarkt, hier boten die Bauern und Kaufleute der Region ihre jeweiligen Waren an, es gab von Allem, nur das Geld war knapp.

Um halb acht Uhr begaben wir uns in Begleitung unserer Bekannten zum Bahnhof, wo wir um zwanzig nach 8 (20.20) den Zug für Moskau bestiegen.

Nach einer wie gewohnten holprigen Nachtfahrt erreichten wir Moskau um 5.40 Uhr in der Frühe, wo wir wieder von unserer französisch sprechenden Dolmetscherin in Empfang genommen wurden. Um 7 Uhr bekamen wir in dem erstklassigen Hotel Metropol ein üppiges Frühstückbuffet aufgetischt.

Nach einer zweistündigen Besichtigungsfahrt zu verschiedenen Gedenk- und Aussichtsstätten fuhren wir zum internationalen Moskauer Flughafen Scheret Jowo und starteten um 14.30 Uhr mit Lufthansaflug nach Frankfurt und anschließend mit Luxair nach Luxemburg. Ankunft 17.50 Uhr. Unsere Reise war gut verlaufen sowie wettermäßig konnten wir uns nicht beklagen.

Nach dieser Besichtigung lud die Gemeindeverwaltung uns zum Essen ein, wo man uns die Spezialitäten der Gegend auftischte und uns Dankeschreiben überreichte. Anschließend Rückfahrt nach Tambow.

Mittwoch, den 20. September. Heute wurde die Gruppe im Kinderkrankenhaus von Tambow, von Hauptarzt Dr. Anatoli Petrow sowie dem Verwalter des Gesundheitswesens des

G. G.

„Mir vergiessen lech net“



D'KOMEROODE VUN DER LIBERATION AUS RUSSESCHER GEFAANGESCHAFT 7. DEZEMBER 1945

Dat war wierklech de Senn vun eisem Rendez-vous um Kanounenhiwel den 9. Dezember 2000. De 7. Dezember 1945 war fir vill vun eis d'Reentrée aus der Hell. Vill, allzevill waren deemools net méi derbäi, wéi mir zu 183 an der Heemecht ukoumen. Vun eisem 50. Anniversaire untrefte mir eis nees all Joer. Mir waren äis an deene 50 Joer deelweis frienginn, ower zanterhier hu mir eis nees kenne geléiert, a mir sollen Zeie bleiven aus onmenschleche Joren. Eis Journée den 9. Dezember huet ét nees eemol bewisen, dass mir net vergiess hunn. Um Kanounenhiwel, wou mir zum Gedenke vun eise Komeroden, déi net méi bei eis konnte sinn, Blumen niddergeluecht hunn, ware mir begleet vu villen Iwwerliewenden, ower och muncherengem, deem eis Suergen net gläichgültig sinn, wéi de Vizepräsident vun der Chamber, dem Niki Bettendorf, dem Präsident vun den Tambower Gaston Junck, dem Präsident vum Mémorial de la Déportation Guy de Muyser, a Vertriedung vum russesche Gesandten M. Oleg Krivonogov, den éische Sekretär vun den Émgesiedelten, Niki Koob, Johny Schmidt, Präsident vun der Croix de guerre et de la valeur militaire, a munchen aneren. De Präsident vun der Féderatioun Jos. Weirich ass eréisch an der Gedenkmaß zu eis gestouss. Fir d'Sonnerie aux morts ware verantwortlech: Adj.-chef Jos Schockmel, Adj. Jos Scholtes an Adj. Guy Kraus.

No der Sonnerie nationale, virgedroë vun den Trompettisten Jos. Schockmel a Jos. Scholtes, huet den André Heiderscheid de verstuerwene Komerode geduecht, a besonnesch all deenen, déi eis am leschte Joer verlooss hunn: Dumont Raymond vun Déifferdeng, Jacobs Nic. vun Dorrescht, Kemp Batty vun Diddeleng, Besch Jos vun Hoën, Faber Jean vu Bieles, Jeitz Jean vu Gaasperech, Baus Victor vun Ténten an Thill Marcel vu Biweng.

No der Kommunioun huet de Komerod André Heiderscheid sech bedankt fir déi aussergewéinlech musikalesch Massfeier. Mat der leschter Strof vun der Heemecht gouf dës kierchlech Feier beschloss.

Zum Mëttegiessen hunn d'Komerode sech am Hôtel International getraff. Hei gouf dann och munnech Erënnerung ausgetauscht a beschloss, eis dat nächst Joer hoffentlech erëm ze fannen. Ze bemierke bleift, dass vun deenen 183, déi deemools heemkoumen, haut nach 63 Komeroden um Liewe sinn, a vill vun hinnen interesséiere sech fir eis Journée, ouer gesondheetlech léisst vill ze wënschen iwwreg. D'Schlusswuert hat de Verbandspräsident Jos. Weirich. Hien huet Opklärung ginn iwwer verschidde Bedingungen, déi den Arbeitsdienst betreffen, sougut fir d'Meedercher wéi fir d'Jongen, um déi vun de Preisen versprachen Entschiedegung unzefroen. Hien huet sech bei der Equipe de gérance bedankt, fir bei déser Journée duerfen derbäi ze sinn.

Hoffen, dass mir eis dat nächst Joer bei gudder Gesondheet erëm gesinn.



RAD Pongau



Photo: Gaby Disewiscourt

Vun deene 60 Lëtzebuerger Jongen, déi sech am Wanter 1943/44 a preisescher Uniform am RAD zu Reitdorf im Pongau an zu Salzburg kenne geléiert hunn, waren et der just eng Dosen, déi sech den 11. Oktober dëslescht, 57 Joer duerno, mat hiren Dammen, erëm gesinn hunn. Et war de sechste Konveniat. De Rendez-vous war fir d'Mëttiegessen am Restaurant „Brideler Stuff“ um Bridel. Nomëttes stong eng Visite guidée vum Mémorial de la Déportation um Programm. D'Komerode Jim Bolmer a Bernard Jacob vum Zentralcomité hunn de Grupp duerch de Musée vum Mémorial an duerch d'Ausstellung „Le Grand-Duc de Luxembourg et les Irish Guards“ geféiert, ier se d'Filmer „Les évadés et réfractaires luxembourgeois“ an „De Massaker vu Sonnenburg (Slonsk)“ virgefiebert hunn.



Visite vun der Sektion Diddeleng am Mémorial vun der Déportatioun an der Expositioun „Irish Guards“
Photo: Gaby Disewiscourt

In pace

D'Sektioun Enrôle de force Schéffleng gedenkt hire verstuerwene Membren:

Grown Théo a Mme Kieffer Juliette.

D'Sektioun Diddeleng am Trauer:

Mme Bigelbach-Konsbrück Maisy, 29.2.2000; Gilbertz Jean, 7.3.2000; Kemp J. Baptiste, 23.5.2000; Gauthier Ady, 30.6.2000; Mme Schmit-Roth Léonie, 14.7.2000; Mme Urbany-Mercuri Mafalda, 1.9.2000; Ecker Pierre, 7.12.2000; Majerus Fred, 15.12.2000; Chrisnach Eugène, 22.12.2000

D'Zwangskräutert an d'Survivants vun Diddeleng denken émmer un lech.

D'Amicale EdF aus der Gemeng Monnerech ass am Trauer fir hire Member Josy Schuh, 1921-2000.

Als laangjährige Keesserevisor, treie Komerod a Fréind behale mir de Josy émmer a gudder Erënnerung. Senge Kanner an der Famill drécke mir heimat eist häerzlechst Bäileed aus.

D'Amicale vun den Enrôle de force, Sektion Ramerech, trauert ém hire verstuerwe Komeroden:

Steichen Victor vu Roodt, 23.1.2000; Reding Nicolas vu Folscht, 5.3.2000; Mme Bolmer-Wildgen Maria vun Holtz, 15.6.2000; Hilbert J. P. vu Colpech, 26.10.2000.

Mir wäerten nach laang u si denken a vergiesse si net.

D'Amicale vun den EdF Sektion Walferdange ass am Trauer fir d'Komeroden, déi si am Joer 2000 fir émmer verlooss hun:

Schmitz Michel, Haag Marcel, Leruth Emile, Majerus Grégoire.

Mir vergiessen lech net.

Amicale des Enrôle de force Uewerkuer

Am Joer 2000 sin eis aktiv Memberen Wampach René a Massard Camille fir émmer vun äis gaangen. Mir wäerten hirer, wéi all eise Verstuerwenen, émmer an der Mass vun eiser Journée commémorative gedenken. Si sollen nit vergiess ginn.

D'Komeroden aus dem Arbeitsdienst zu Dottenheim a.d. Aisch November 1943 bis Februar 1944 traueren ém e gudde Komerod, den Nic. Hames. Si wäerte senger émmer gedenken.

Vœux de Nouvel An

Vill Gléck am neie Joér an eng gutt Gesondheet

COMITE VUN DER FÉDÉRATION

WEIRICH Jos, Diddeleng
BOLMER Jim, Nouspelt
CHAMPAGNE Nic, Munneref
CLEES Jos &, Náidsen
CONER Julien, Hesper
FLAMMANG Melanie Mme, Letzeburg
GRAAFF Victor, Dikrech
GUIRSCH Julien, Kéntzeg
HAMES Jean, Gonnereng
JACOB Bernard, Féngéig
JUNCK Gaston, Dikrech
MELCHER Norbert, Stesel
MICHAELIS Camille, Dippech
OLSEM Emile, Kál
REEFF Josée Mme, Eiter
REUTER Julian, Waldriedemes
STEFFEN Jules, Klengbetten

CONSEIL D'ADMINISTRATION DU MEMORIAL DE LA DÉPORTATION

De MUYSER Guy, Lëtzeburg
BOLMER Jim, Nouspelt
CHAMPAGNE Nic, Munneref
DOSTERT Paul, Lëtzeburg
GALLION Roger, Strossen
GILLARDIN Constant, Lëtzeburg
GOEBEL Max, Lëtzeburg
HEIDERSCHEID André, Plankenhaff
HOHENGARTEN André, Itzeg
JACOB Bernard, Féngéig
KOOB Nic, Iernster
MOYSE-JACOB Mady, Mme, Lëtzeburg
REEFF Josée Mme, Eiter
SCHOENTGEN Marc, Mechelbuch
WEIRICH Jos, Diddeleng

SEKTION BEETEBUERG

BECKER Henri, Beeteburg
BRANDENBURGER Raymond, Hënschereng
COLLING Arthur, Beeteburg
DAVID Henri, Beeteburg
DAVID-GEHLEN Julie, Mme Beeteburg
ERPELDING Fernand, Beeteburg
FLERES Jean-Pierre, Beeteburg
GERSON Félix, Beeteburg
GLEIS Paul, Beeteburg
GUELFF René, Beeteburg
HAMTIAUX Paul, Mamer
HELMINGER Roger, Nártzeng
HEUSCHLING Fernand, Beeteburg
HOFFMANN Armand, Helleng
HOFFMANN Mathias, Beeteburg
HOFFMANN-BENITEZ, Mme, Beeteburg
JACQUES Prosper, Lëtzeburg
JEITZ Fernand, Beeteburg
JUNCKER Victor, Beeteburg
KASS Henri, Beeteburg
KAYSER Ernest, Beeteburg
KIEFFER Camille, Esch/Uelzech
KIRPACH Josy, Beeteburg
KLOOS Charles, Dudelange
KREMER Jean, Diddeleng
LAMBORAY Marcel, Lëtzeburg
LAMESCH-FETTES Michel Mme, Beeteburg
LENTZ Marcel, Beeteburg
MAILLET Leopold, Beeteburg
MARX Emile, Beeteburg
NEUMANN Marcel, Beeteburg
NILLES René, Angelduerf
RICHARTZ-KREMER Marguerite, Mme, Beeteburg

RODEN Fernand, Lëtzeburg
RODESCH Alphonse, Beeteburg
SCHAFFER Pierre, Bettenduerf
STOOS Charles abbé, Beeteburg
THEIS Nicolas, Beeteburg
THILL Jean, Beeteburg
THOMA Alfred, Beeteburg
TURPEL Jules, Beeteburg
WALLERANG Nicolas, Beeteburg
WALLERS Roger, Beeteburg
WEYDERT Alphonse, Beeteburg
WEYDERT Lucien, Bartreng

SEKTION BIEKERECH, ELL, RÉIDEN/ATERT

ARENDE Jean & Mme, Réiden/Atert
BISENIUS Georges, Réiden/Atert
BISENIUS Joseph & Mme, Räichel
BRAUN Jean-Pierre & Mme, Osper
CALMES Arthur & Mme, Platen
COLJON Jean-Pierre & Mme, Ell
CONRADY Ernest & Mme, Biekerech
EWERT-BIRKEL Mme, Lëtzeburg
GIRRES Nic Mme, Réiden/Atert
GOEDERT Albert & Mme, Ell
GOEDERT Félix Mme, Ell
GOELFF-THEIN & Mme, Biekerech
HILGERT Ed. & Mme, Schuech
HOFFMANN Nic, Mme, Réiden/Atert
HUSS Jacques & Mme, Ielwen
JAMINET Jos. Mme, Beeteburg
JUNGERS Willy & Mme, Ell
KALMES E. Mme, Nidderpallen
KARGER-THEIN & Mme, Biekerech
KREIN-FACK & Mme, Biekerech
LEIDER René & Mme, Réiden/Atert
LOSCH Roger Mme, Réiden/Atert
MAJERES Georges & Mme, Schuech
MAJERES Nic. & Mme, Schuech
MAYER Ant. Mme, Ell
MEYERS Camille & Mme, Niddercolpech
NEU Victor Mme, Réiden/Atert
NEY Léon & Mme, Ell
NILLES Jean-Pierre & Mme, Réiden/Atert
REDING Jean-Pierre Mme, Nidderpallen
REISER Léon & Mme, Biekerech
RIES Albert & Mme, Ell
RISCH Raoul & Mme, Schuech
SCCACKI René Mme, Biekerech
SCHMARTZ Jos. & Mme, Ell
SCHMIT Camille & Mme, Osper
SCHMIT Jos. & Mme, Nárdener
SCHOLTUS R. & Mme, Ielwen
SCHROEDER René & Mme, Réiden/Atert
STEICHEN Lucien & Mme, Osper
THILMANY Robert & Mme, Réiden/Atert
THOMA Emile & Mme, Nidderpallen
VEYDER Gusty Mme, Strossen
WEBER Fr. Mme, Nárdener
WEBER-NEU, Mme, Nárdener
WEISGERBER Martin Mme, Uewerpallen
WILWERTZ François & Mme, Ell
WIRTH-LINSTER Martin Mme, Réiden/Atert
ZIMMER Jos & Mme, Huwel

SEKTION NORD, CLÄRRÉF

ANTONY-SIMON Maisy Mme, Léiler
BAULESCH-SCHROEDER Jos & Mme, Eselbuer
BRACONNIER-KREIN Henri & Mme, Clärréf
BRACONNIER-LINDEN Pierre & Mme, Huldang
CALES-SIETZEN Mme, Clärréf
CAPESIUS-GEIBEN Alph. & Mme, Elwen
DENGLER Hubert & Mme, Wäecherdang

DIEDERICH-NEUMANN H & Mme, Wäicherding
FOOG-FLICK Alfred & Mme, Wäiswampach

FUCHS-DIFFERDING Marie Mme, Clärréf

GRÜNING-AUBART Mme, Troisvierges

HAAS Christine Mme, Hépperding

HAAS Martin, Hépperding

HEINEN Celine & Melanie, Miles, Wäecherdang

HOLPER Ketty Mme, Hengescht

JANS Loni Mme, Hépperding

KAILS-LANNERS Louis & Mme, Strassen

KERGEN-SCHMARTZ Pierre & Mme, Constem

KREINS-THIELEN Marcel & Mme, Hépperding

LEINER-FOETLER René & Mme, Hengescht

LENTZ-THIELEN Pierre & Mme, Clärréf

LEYDER-FLICK Emilie Mme, Wäiswampach

MARTELING-BAULESCH Gust & Mme, Clärréf

MERTENS-SCHOLER H. & Mme, Wilverdange

METTENDORF-DUSS Jean & Mme, Mecher

MEYERS Eugène, Hengescht

MORN-REUTER Jean, Elwen

PETITJEAN-STECKER Joseph & Mme, Eselbuer

PLEGER-FABER Rosa Mme, Lëtzeburg

PÜTZ-POST Mme, Weiswampach

SCHLECHTER-HEINEN Marie Mme, Reuler

SCHLEICH Félix & Mme, Kierchen

SCHOLTES-KREMER Mme, Hépperding

SCHRANTZ Mischa & Mme, Elwen

SCHROEDER-FREICHEL Mme, Lieler

SIETZEN-SCHARTZ Jean & Mme, Holler

STECHER Georges, Hengescht

THILGES-SCHRANTZ Sophie Mme, Elwen

THOLL-METTENDORF Camille & Mme, Reuler

WAGNER-FREICHEL Pierre & Mme, Clärréf

WILMES-WEBER Lucien & Mme, Clärréf

SEKTION COLMAR-BERG

BECKER-KERGER Fernande Mme, Colmar-Berg

BILTGEN-MEYERS Henri & famille, Colmar-Berg

COLLING-WEBER Jos & famille, Colmar-Berg

DIEDERICH-NOESEN Jos & famille,

Colmar-Berg

FELTZ-FUHR Aline Mme, Colmar-Berg

JACOBS-LEINER Cath. Mme, Colmar-Berg

KALMUS Léon, Stengenfort

KLEIN-KELLEN René & famille, Colmar-Berg

KOHN-MANNES Bebbi Mme, Colmar-Berg

LEYDER-SCHMIT Willy & famille, Goebelsmühle

MULLER-FISCH Marguerite Mme, Colmar-Berg

SCHAUL-BRACHMOND J. & fam., Colmar-Berg

SCHOLTES-ECHTERNACH Mme, Biéwen/Atert

SOISSON-BERCHEN E. & fam., Colmar-Berg

THILL-GRETHEN Cathy Mme, Biissen

WAGNER-SEIL Jean, Kruuchten

WEBER Pierre, Colmar-Berg

WEIS-WATGEN J-Pierre & famille, Colmar-Berg

SEKTION KONTER

BOS Jos, Mutfert

DAXHELET-SBARRE Marcel & Mme, Mutfert

DENNENWALD Théophile, Mutfert

DIEDERICH Aloyse, Mutfert

DIEDERICH Roger, Konter

FRANZEN Maria Mme, Mutfert

GOERGEN Constant, Konter

HAVE-SCHMIT & Mme, Eiter

HOFFMANN-LORENT Triny Mme, Mutfert

HOLZMER-HEMMEN Astride Mme, Mutfert

JUNG-KREMER Alfred & Mme, Konter

KAYSER Mathias, Mutfert

KRAUSER-WEIS Maria Mme, Mutfert

MEDINGER-HEUERTZ Joseph & Mme, Konter

MEYRER Roger, Bech-Klengmaacher

MULLER-MELCHIOR Nicole Mme, Konter

NEY Jean, Konter

REEFF Josée Mme, Eiter

SCHMIT Marco, Eiter

TANSON Rodolphe, Mutfert

ZENNER-KRISCHEL Mathilde Mme, Mutfert

SEKTION DIKRECH

BACHE-STIRN Joseph & Mme, Dikrech

BISSEN-KAYSER J-Pierre & Mme, Reisdorf

Sommaire

Télégramme	2
Centre du Rham	2
Invitation aux cérémonies en souvenir du massacre à Sonnenburg	3
Zwangsaarbechter	3
Tambower Dag 2000	4
Die „Amicale des Anciens de Tambow“ organisierte zum so vielen Male eine Hilfsaktion für die Kinderhospitäler der Städte Tambow und Kirsanow	7
„Mir vergieessen lech net“	9
RAD Pongau	10
Voeux de Nouvel An	11

Aus eiser Agenda

Dënschdeg, den 30. Januar 2001: Veillée fir déi 91 Jongen, déi zu Slonsk (Sonnenburg) a Polen an der Nuecht vum 30. op den 31. Januar 1945 vun SS-Mäerde r erschoss goufen. Rendez-vous um Kanounenhiwwel um 18 Auer.

9. Februar 2001: D'Sektion Enrôle de force Schéffleng huet fir Generalversammlung Freides, den 9. Februar 2001 ëm 15 Auer am Restaurant „Chez Tony“ zu Schéffleng.

30. Mäerz 2001: Enrôle de force, Victimes du nazisme Sektion Steesel, hunn hir Assemblée générale zu Steesel.

7. Abrëll 2001: Rendez-vous vun de Komeroden aus dem Archipel Goulag Nijni-Taguil zu Réimech am Hôtel Saint-Nicolas.

28. Abrëll 2001: Kongress vun der Association des Enrôle de force zu Hesper.

10. Mee 2001: Oktavmass vun allen Enrôle de force an der Kathedral.

13. Mee 2001: No der Muttergottes-Prozessioun géint 16 Auer ass zu Cliärref beim GI-Denkmal eng Gedenkzeremonie duerch d'Fédératioun an den Enrôle de force, Sektion Nord Cliärref.

20. Mee 2001: Schlussprozession vun der Oktav.

**Redaktiouunsschluss fir Nr. 1/2001 ass den 20. Februar 2001.
Merci fir Äer Mathëllef!!!**

AMICALE DES ENRÔLÉS DE FORCE BIEKERECH-ELL-RÉIDEN:

Le comité de notre Amicale se compose comme suit:

PRÉSIDENT: Leider René, 66, Grand-Rue, L-8510 Redange/Attert;
VICE-PRÉSIDENT: Risch Raoul, 12, rue de Saeul, L-8562 Schweich;
CAISSIER: Thilmany Robert, 7, rue de Hostert, L-8509 Redange/Attert;
SECRÉTAIRE: Calmes Arthur, 8, rue du Pont, L-8611 Platen;
PORTE-DRAPEAU: Hilgert Ed., 1, rue de Saeul, L-8562 Schweich.

Fédération des victimes du nazisme, enrôle de force, Association sans but lucratif –

Siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, boîte postale 2415, L-1024 Luxembourg,
CCP 31329-95 – Banque Internationale: 5-217/4546

Rédaction du bulletin bimestriel: «Les Sacrifiés» c/o **Norbert Melcher**
1, Wisegässel, L-7333 Stesel, Tél.: 33 60 30

Service social aux enrôle de force: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, tél. 48 32 32.

L'Association des parents des déportés militaires luxembourgeois, secrétariat:

3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, boîte postale 2415, L-1024 Luxembourg

L'Amicale des anciens de Tambow, secrétariat: L-8378 Kleinbettingen, 14, rue de Kahler, CCP 24007-48, tél. 39 60 39

L'Association des enrôle de force, victimes du nazisme,

secrétariat: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg,
boîte postale 2115, L-1024 Luxembourg, CCP 31324-90

Association des survivants des enrôle de force, a.s.b.l., siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg.

La correspondance est à adresser à Mme Josée Reeff, 11, rue de Moutfort, L-5355 Oetrange, tél. 35 00 14.

Impression: Imprimerie Saint-Paul s.a., Luxembourg